Syndicat National des Enseignants - www.sne.lu

BP 2437
L-1024 Luxembourg

tél +352 48 11 18
fax + 352 40 73 56

www.sne.lu
sne@education.lu

siège : 11-13 , rue des Ardennes
L- 1133 Luxembourg -Bonnevoie

Lëtzebuerg, den 3te Mäerz 2017

SNE – Info :

Adaptatioun vun der Tâche am C1

Léif Kolleginnen a Kollegen,

Den 8. November 2016 hat den SNE/CGFP zesumme mat der AIP en Accord mam Educatiounsministère ënnerschriwwen, wou et, ënner anerem, zu enger Verännerung vun der Tâche vun de Léierinnen a Schoulmeeschter aus dem Zykle 1 koum.
D'Stonne vum «Appui pédagogique» si vu 54 op 36 Stonnen erofgesat ginn an amplaz ass eng nei Concertatioun vun 18 Stonne komm, wou d'Ëmsetze vun enger méisproocheger Förderung vun de Kanner soll preparéiert ginn.

Elo war et awer esou, dass déi gesetzlech Dispositioune virgesinn hunn, dass d'Concertatiounsstonnen integral, onofhängeg vun der Tâche, musse gehale ginn, den «Appui pédagogique» awer proportionell zur Tâche gerechent gëtt.
Duerch dësen Ëmstand wär et zu enger Erhéijung vun der Tâche fir déi Leit, déi an engem «Service à temps partiel» schaffen, komm.

Fir den SNE/CGFP war et awer vun Ufank u kloer, dass et op kee Fall zu esou enger Erhéijung vun der Tâche dierft kommen.

Duerch Noverhandlunge mam Ministère huet den SNE/CGFP erreecht, dass déi Leit, déi an Deelzäit am Zykle 1 schaffen, net benodeelegt ginn.

Dofir huet den SNE/CGFP mam MENJE ofgemaach :

- **Am Zykle 1 sinn déi 18 Concertatiounsstonne fir eng méisproocheg Erzéiung vu jidderengem integral ze leeschten, onofhängeg vun der Tâche.**
- **Fir dass et awer net zu enger Erhéijung vun der Tâche kënnt, sinn déi restlech Concertatiounsstonnen an der «Équipe pédagogique» folgendermoosse festgehale ginn :**

Tâche d'enseignement direct :	Zuel u Concertatiounsstonnen an der Equipe :
100%	60 Stonnen
75%	55 Stonnen
50%	51 Stonnen
25%	46 Stonnen

- Situatioun wéi bis elo :

Tâche :	25%	50%	75%	100%
- Concertation en équipe	60	60	60	60
- Concertation développement multilingue en équipe :	0	0	0	0
- Appui pédagogique	13	27	40	54
> Total :	73	87	100	114

Den SNE/CGFP huet erreecht, dass déi Leit, déi an Deelzäit am Zykle 1 schaffen, net benodeelegt ginn !!!

- Situatioun vum Schouljoer 2017/2018 un :

Tâche :	25%	50%	75%	100%
- Concertation en équipe	46	51	55	60
- Concertation développement multilingue en équipe :	18	18	18	18
- Appui pédagogique	9	18	27	36
>Total :	73	87	100	114
	+0	+0	+0	+0

kee gëtt elo benodeelegt !!!

Mat syndikalistesche Gréiss,
De Comité central vum SNE/CGFP

Syndicat National des Enseignants - www.sne.lu